N°1046
Entrée le 22.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.07.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

An der Fro n°804 hunn ech verschidde Froen zu der Participatioun vum Staat un de Centres nationaux am Sport gestallt. Hei stellen sech no der Äntwert awer eng Rei weider Froen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister erklären, wéi et méiglech ass, dass eleng de Bedarf no méi Trainingsméiglechkeete beim Staat de Luxembourg zu enger Augmentatioun vun 382.500€ 2019 op 2.121.662€ 2023 bei der Participatioun un de Fonctionnementskäschte gefouert huet?

2. Kann de Minister erklären, wéi et méiglech ass, dass eleng de Bedarf no méi Trainingsméiglechkeete beim Complexe sportif Parc Hosingen
zu enger Augmentatioun vun 33.673€ 2019 op 71.680€ 2023 bei der Participatioun un de Fonctionnementskäschte gefouert huet?

3. A senger Äntwert huet de Minister geschriwwen: "A wat de Centre national de Golf ugeet, gëllt et ze betounen, dass déi finanziell Participatioun, bis dëst Joer, iwwer de Fonds d'équipement sportif national bezuelt gouf. Zënter 2024 leeft dëst och iwwer de Budget vun de nationale Sportzentren, sou dat Dësen am nächsten Aktivitéitsbericht wäert opgelëscht sinn."

   Firwat gouf de Centre national de Golf bis 2023 iwwert de Fonds d'équipement sportif national bezuelt?

4. Zu der Fro nom *Centre national de canoë kayak"* zu Dikrech huet de Minister Follgendes geäntwert: "D'Komplexitéit vum Dossier, duerch d'Bedeelegung vu ville staatlechen Instanzen, ass de Grond wisou de Centre national de canoë kayak Stand haut nach net konventionéiert ass an de Sportsministère d'Fonctionnementskäschten net kann iwwerhuelen." Och wann hei verschidde staatlech Instanzen involvéiert sinn, sou gëtt et dësen zënter 2016.

   Firwat ass den och no méi wéi 8 Joer zënter senger Grënnung nach net konventionéiert? Ginn et ausser der Bedeelegung vu verschiddenen staatlechen Instanze besonnesch Grënn dofir?

5. De Centre national des arts martiaux krut bei der Participatioun un de Fonctionnementskäschte

2021 138.563€, 2022 660.229€ an 2023 215.203€.

Kann de Minister déi grouss Ënnerscheeder beim Centre national des arts martiaux erklären?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten